

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch weiderzeleeden:

« No der Gebuert erliewe vill Mammen eng kuerz Phase an där si sech traureg, gereizt, midd a veronsécher fillen – dee sougenannte „Baby Blues“. An der Reegel verflitt dëse Gemittszoustand ganz ouni Behandlung an hält just e puer Stonnen oder Deeg un.

Wann d'Symptomer allerdéngs méi schlëmm ginn a sech iwwer Wochen oder souguer Méint ewech zéien, ka sech dohannert eng eescht Erkrankung mat potenziell schwéiere Folge fir d'Mamm, d'Kand an d'Famill verstoppen. Riets geet vun der „post-nataler Depressioun“. Hei ass et wichteg sou schnell wéi méiglech ëm Hëllef ze froen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Gesondheitsministesch folgend Froe stellen:

- *Wéi vill jonk Mammen leiden zu Lëtzebuerg an der Moyenne ënnert „post-natalen Depressiounen“? Wéi huet sech dës Zuel iwwer déi leschte Joren verännert a wat sinn d'Ursaachen dofir?*
- *Ginn et bestëmmte Facteuren, déi de Risk un enger „post-nataler Depressioun“ ze erkranken erhéijen? Kann de sozio-kulturellen Hannergrond eventuell och eng Roll heibäi spillen?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ënnert wéi enger Form gi schwanger Fraen an hir Partner iwwer de Sujet vun der „post-nataler Depressioun“ sensibiliséiert? Wéi eng Preventiounsmesuren existéieren zu Lëtzebuerg?*
- *Wéi eng Strukturen ginn et hei am Land fir de betraffene Persounen ze hëllefen? Wéi eng Zorte vu Behandlungen ginn ugebueden a ginn dës vun der Krankekeess rembourséiert?*
- *Nieft de Mammen kënnen och d’Pappen no der Gebuert ënnert gréisseren Depressiounen leiden. Huet d’Madamm Ministesch eventuell Statistiken iwwer d’Unzuel vun de betraffene Männer? »*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN
Deputéiert